ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Februar 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Arméisminister an un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Ganz Stied ginn a Länner wéi Syrien, Irak oder Jemen duerch den Asaz vun Explosivwaffen zerstéiert. Zu deene fuerchtbaarsten Explosivwaffe gehéieren d'Streebommen. Déi humanitär Folge vun esou Attacken sinn dacks gravéierend. D'Konventioun vun Oslo vun 2008, déi och vu Lëtzebuerg ratifizéiert gouf, huet sech zum Zil gesat, den Asaz vu Streebommen (armes à sous-munitions) op internationalem Plang ze verbidden.

Leider ass et esou, datt zu deene Länner, déi dës Konventioun nach net ratifizéiert hunn, och déi zwee wichteg Nato-Länner, nämlech d'USA an d'Tierkei, gehéieren.

An dësem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Arméisminister an un den Här Bausseminister:

1. Ënnerhëlt déi Lëtzebuerger Regierung Beméiungen, fir aner Staaten dozou ze motivéieren, fir den Asaz vu Streebommen ze verbidden an déi Osloer Konventioun vun 2008 ze ratifizéieren?
2. Ënnerstëtzt déi Lëtzebuerger Regierung déi international diplomatesch Efforten, déi zënter dem Akraafttriede vun der Osloer Konventioun 2010 ënnerholl ginn, fir de Gebrauch vu Streebommen, besonnesch och där mat groussem Wierkungsradius, a bevëlkerte Gebitter ze stoppen?
3. Ënnerstëtzt d'Regierung Initiativen, déi zum Zil hunn, den Affer vun esou Attacken ze hëllefen? Ass ugeduecht, fir dem zukünftege Lëtzebuerger Militärspidol och déi Méiglechkeet ze ginn, Affer vu Streebommen ze versuergen?

4. Ass Lëtzebuerg bereet, den Déminage vu Regioune berodend, materiell a finanziell ze ënnerstëtzen, an deene Streebomme benotzt goufen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten